N°1431
Entrée le 25.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Leit, déi bei der ADEM eng Aarbecht sichen, kënne Formatioune maachen, fir esou hir Chancen op eng Aarbechtsplaz z'erhéijen. D'Käschte vu verschidde Formatioune ginn direkt vun der ADEM iwwerholl, zum Beispill iwwert ee Vouchersystem, deen ee ka bei enger Organisatioun aléisen.

Fir aner Formatioune bezilt d'ADEM d'Käschten eréischt, wann d'Leit d'Formatioun fäerdeg gemaach hunn. D'Leit mussen an deem Fall d'Geld virstrecken. Heiansdo kaschten dës Formatiounen awer dausenden Euro an d'Leit hunn dat Geld dann net a sëtzen an der Zwéckmillchen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Léisunge bitt d'ADEM de Leit, déi an der uewe beschriwwener Situatioun sinn?
2. Kéint d'ADEM hei net och d'Käschte vun der Formatioun direkt virstrecken?
   Falls nee, besteht dann net d'Méiglechkeet, dass d'ADEM ee Pabeier ausstellt, mat deem d'Leit op mannst kéinten ee Kredit op enger Bank ophuelen, fir hir Formatioun kënnen ze bezuelen an d'Suen duerno vun der ADEM rembourséiert ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten